



Duerfir wär et interessant, wann de Minister eis e puer Detailer iwwert de Bau vun der Zweegleisegkeet vu Péiteng op Lëtzebuerg kéint ginn.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren, ginn den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi a soen dem Här Minister Merci fir d'Äntwerten.

Merci.

► **Mme la Présidente.-** Merci, Här Negri. Domat ass eis Riednerlëscht ofgeschloss an d'Regierung kritt d'Wuert.

► **M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.-** Merci, Madame Presidentin. Fir d'éischt dem Rapporteur villmools Merci fir seng effizient Aarbecht, an och der ganzer Kommissioun, datt mer dee Projet elo konnten esou schnell hei virukréien.

Ech krut vum Här Negri zwou Froen, prezis Froe gestallt. Déi éischt Fro, dat ass déi vum Park&Ride am Dräilännereck zu Rodange. Dee Projet huet effektiv par rapport zu den initialen zäitleche Projeten, souvill meng Informatiounen sinn, e wéineg Retard kritt, well do Terrainsproblemer sech gestallt hunn. Mir si momentan amgaang ze kucken, datt mer déi Terrainsproblemer, déi sech gestallt hunn, débloquent. Ech hoffen, datt dat eis relativ kuerzfristeg géllt, well ech mengen, dat ass e Projet, dee scho Sënn huet a Wichtegkeet huet.

Déi zweet Fro, déi Der gestallt hutt, dat ass déi vun der Zweegleisegkeet vun der Péitenger Streck. Fir en général ze soen: Dat ass jo eng Streck, déi an zwou Phase gemaach gëtt. Déi éischt Phas, déi ass quasi ofgeschloss, éischt Phas, déi bis op Dippech geet. Déi zweet Phas, déi gëtt selbstverständlech elo an deenen nächste Méint weidergefouert. Mir sinn an dem provisoresche Programm esou, datt mer denken, datt déi zweet Phas kéint 2013 ofgeschloss ginn.

Ech wëll awer net mech ëmmer definitiv op déi Schlussdatummen do festleeën, well ech jo och weess, wéi vill Problemer kënnen op Chantieren - an dat hei ass net nëmmen ee Chantier, mä dee besteet natierlech aus verschidden Etappen am Chantier -, wéi vill Problemer kënnen virkommen. 2013 ass also de geplangten Ofschloss. Ronn 66% vun dem techneschen Deel sinn also scho momentan erleeedegt; dat anert bleift also nach an deenen nächste Joren ze maachen.

Elo hutt Der zwee prezis Punkten - elo geet et wierklech an d'Detailer -vun deem do Projet ugeschwat. Dat eent, dat ass dee vun der Helfenterbréck, wou effektiv amgaang ass geschafft ze ginn. Do gëtt awer momentan geschafft, wa meng Informatiounen gutt sinn, haaptsächlech aus deem Grond, well déi sougenannten Helfenterbréck soll frësch gemaach ginn an dee Rond-point do, well déi Bréck u sech net méi hält an net méi gutt ass. Duerfir huet dee Projet misse virgezu ginn. Dat ass e Projet, dee vu Ponts et Chaussées gemaach gëtt an dëser Etapp. Selbstverständlech, wann dee Projet gemaach gëtt, gëtt en esou gemaach, datt duerno och dat, wat ënnendrenner muss kommen, dann direkt mat calibréiert ass, fir dat Richtegt ënnendrenner ze bauen. Dat schéngt mer logesch ze sinn.

An déi aner, deen zweete mat der Escher Autobunn, ech mengen, dat ass dann eng vun den Etappe vun klassesche Péitenger Projet, wou mer an deem normale Rhythmus weiderfuere. Do kann ech Iech awer leider elo net soen, a wat fir enger Zäitspan déi do Etapp wäert gemaach ginn.

Wéi gesot, nach eng Kéier Merci fir déi grouss Ënnerstëtzung fir dee Projet.

► **Mme la Présidente.-** Merci, Här Minister. Domat ass d'Diskussioun elo ofgeschloss a mir kéinten dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi kommen. Den Text steet am Document parlementaire 5951².

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. De Quorum ass erreecht. Duerno d'Votes par procuration.

D'Resultat ass folgend: Jo-Stëmmen Oui, Non-Stëmmen Non. Domat ass de Projet de loi ugehall.

Résultat définitif: le projet de loi 5951 est adopté à l'unanimité des 60 votants.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen (par M. Lucien Thiel), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar (par Mme Nancy Arendt), Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Marc Spautz);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kéimen direkt zum Projet de loi 6045 iwwert den Hafe vu Mäertert. Och dës Riedezäit ass nom Basismodell festgeleucht.

► **M. Xavier Bettel (DP).-** Madame Presidentin, wann Der mer erlaabt!

► **Mme la Présidente.-** Jo?

► **M. Xavier Bettel (DP).-** Dir hutt gesot, dass d'Jo-Stëmme mat Oui beäntwert wäeren, an d'Nee-Stëmme mat Non.

► **Mme la Présidente.-** Dat eent hat dat anert scho bal implizéiert, mengt Der.

► **M. Xavier Bettel (DP).-** Jo, wéi hu mer et? Et wär awer net onwichtig ze wëssen, wéi et adoptéiert ginn ass.

► **Mme la Présidente.-** 60-mol Jo.

► **Une voix.-** 60?

► **Mme la Présidente.-** Jo. Wéi hat ech da gesot?

► **M. Xavier Bettel (DP).-** Dir hat gesot, Jo mat Oui, Nee mat Non.

► **Mme la Présidente.-** Ah bon. Also, et gouf keen Doute.

(Hilarité)

Et gouf keen Doute. Merci, Här Bettel.

Da géife mer elo weiderfuere mam Projet de loi 6045 wéi gesot iwwert den Hafe vu Mäertert. Och hei hu mer de Basismodell, wat d'Riedezäit ubelaangt. Mir hu bis elo als ageschriwwen Riedner: den Här Spautz, den Här Etgen an den Här Scheuer. An d'Wuert huet als Éischten natierlech de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Marc Spautz. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

9. 6045 - Projet de loi modifiant la loi du 31 mars 2000 concernant l'administration et l'exploitation du Port de Mertet

Rapport de la Commission du Développement durable

► **M. Marc Spautz (CSV), rapporteur.-** Madame Presidentin, léif Kolleeginnen a Kolleegen, vum Gesetz iwwert den Hafe vu Mäertert ass den 18. Mee 2009 den Dépôt gemaach ginn, an de Conseil d'État huet de 24. November 2009 säin Avis dozou ginn.

Den Objet vun deem Projet ass d'Exploitation vum Hafe vu Mäertert. Et geet drëm, well den Hafe vu Mäertert ass ee vun den Haaptëmschlagplaze vun der Sidérurgie. D'Moderniséierung vun der Schinneninfrastruktur an d'Vergrësserung vun der Schinneninfrastruktur ass den Inhalt vun deem Projet. Et komme véier zousätzlech Gleiser: dräi fir d'Hafegesell-

schaft an ee fir den Déchargement vun Tanklux.

Ech wëll awer preziséieren, well déi lescht Deeg, Wochen a Stonne ganz vill doriwwer spekuléiert gëtt, ob dat eppes domat ze dinn hätt mat der Vergrësserung vun den Tanken zu Mäertert: Dat huet iwwerhaupt näischt domat ze dinn. Dat hei huet just domat ze dinn, dass d'Schinneninfrastruktur am Hafen an d'Rei gesat gëtt.

Et muss een och nach eng Kéier dorun erënneren, an de Projet de loi beweist dat ganz gutt opgrond vun den Zuelen, wat d'Entstehungsgeschicht ass vum Hafe vu Mäertert: dass deen de 27. Oktober 1956 duerch eng Konventioun vun deenen dräi Länner Däitschland, Frankräich a Lëtzebuerg komm ass, dass deen Traité de 26. Dezember 1956 ratifizéiert ginn ass an dass et lassgaangen ass mat den Aarbechten 1958, fir dass 1964 déi éischte Kéier Schëffer do gefuer sinn.

D'Gesellschaft u sech ass den 3. Juli 1964 gegrënnt ginn a baséiert op enger Konventioun zwëschen dem Stat an der Hafegesellschaft. Déi Konventioun ass de 4. August 1963 ënnerschrifft ginn an huet eng Durée bis den 3. August 2062. Dat heescht, dat ass bal genau eng Durée vun 99 Joer. An et ass och do wéi bei allen anere Konventiounen, dass déi och duerno nach eng Kéier ka verlängert ginn.

Den Terrain an d'Installatiounen sinn d'Propriétéit vum Stat. Déi Gesellschaft setzt sech zesummen zu 1.000 Aktie vum Stat, 800 vun ArcelorMittal, 100 vun der Dexia.

Do war eis dann e klengen, nun net e klenge Feeler, mä wéi de Projet deponéiert ginn ass, huet déi Bank nach Fortis geheescht. Haut heescht déi Bank net méi Fortis, an duerfir hu mer Iech och en Erratum nokomme gelooss. Haut heescht déi Bank BGL BNP Paribas Lëtzebuerg, sou dass mer och duerfir den Erratum hu missen am Projet abauen. Mä wéi de Projet deponéiert ginn ass, war et nach d'Fortis. Duerfir wëll ech och direkt dorop opmierksam maachen. Dir hutt dat och am Rapport extra eng Kéier nogeschéckt kritt, dass eis do dee Feeler ënnerlaf war.

Den Hafen u sech läit zwëschen Gréiwemaacher a Mäertert. En huet eng Längt vun 3,3 km an eng Fläch vun 65 ha. Et si 1.600 Quaimauern do, fir och eng Kéier déi Zuelen ze ënnersträichen. Et leien 18,5 km Gleiser do, an et si d'Stroossen do an der Längt vu sechs Kilometer.

Et ass also elo wichtig, dass mer deen Ausbau maache vum Mäerterter Hafen, well et dorëm geet, fir och den Haaptëmschlagplaz vun der Sidérurgie, ob dat elo de Schrott ubelaangt oder all dat anert Material, wat ukënnt, a wéi gesot, och fir dass de Stockage besteet fir d'Sociétéit Tanklux, déi och am Hafen usiesseg ass.

Ech wëll och drun erënneren, dass nach d'Etüd Planko virläit. Déi Kolleegen aus dem CPI hu sech schonn öfters mat der Etüd Planko beschäftegt, well de CPI hat do eng Kéier an Opdrag gi beim Etüdebüro vun Essen, fir driwwer ze kucken, wat alles an Transportkäschte mat dran ass. D'Kolleegen aus dem CPI haten dat net méi spéit wéi virun dem 15. Mee 2009 och eng Kéier um Ordre du jour, fir doriwwer ze schwätzen, fir do och eng Kéier all déi Vergläicher kënnen ze maachen, wat am Fluvialtransport dran ass, wéi deier deen Transport ass an dass deen och vill méi bëlleg ass, wéi wa mer dat op d'Schinn oder op d'Strooss setzen, an dass et duerfir och wichtig ass, dat alles op de Wee ze bréngen, an dass et duerfir och wichtig ass an dat ënnersträicht, dass mer alles musse maachen, fir dass den Hafen och an Zukunft nach déi Ëmsatzung huet an déi Kraaft huet an deen Intérêt an interessant ass, fir dass d'Leit dohinnerkommen.

Ech wëll och ënnersträichen, dass dat Ganzt Fraisé mat sech bréngt vu 86.250.000 Euro, awer elo net an enger Kéier, mä dass een dat muss am Horizont 2012/13 gesinn, wou da muss ugefaange ginn, an dass et och wichtig ass, iwwert dat eraus vun der Schinn och nach ze ënnersträichen, dass och nach verschidde Stroossen an d'Rei gemaach ginn.

Ech géif Iech domadder soen, dass den Avis vum Statsrot ganz favorabel war. An

do hu mer och just gesot kritt, mir missten eng aner Determinatioun am Artikel unique maachen. Mir hunn awer als Kommissioun festgehalen, zwee Artikelen ze maachen: en Artikel 1, dee seet, dass et wichtig ass, de Mäerterter Hafen auszebaue fir d'Besoinen an den Développement vun der Lëtzebuerger Ekonomie; an en Artikel 2, wou mer soen, dass et och wichtig ass, dass de Stat déi Méiglechkeeten huet, fir kënnen an den Hafen esou ze investéieren, fir dass och den Hafen an Zukunft souwuel am Stroossen- wéi och am Schinnentransport, dee gebraucht gëtt, fir d'Schëffer ze läschen, fir dat dann och kënnen ze maachen.

Domadder géif ech Iech Merci soen an och d'Zoustëmmung gi vun der CSV-Fraktioun.

Merci.

► **Une voix.-** Très bien!

► **Mme la Présidente.-** Merci, Här Rapporteur. Den éischten agedroene Riedner ass den Här Etgen.

Discussion générale

► **M. Fernand Etgen (DP).-** Merci, Madame Presidentin. Ech wëll dem Rapporteur, dem Kolleeg Marc Spautz, Merci soe fir säi prezisen, klaren a komplette schrëftleche wéi och mündleche Rapport. Ech mengen, ech wëll och soen, datt d'Demokratesch Partei och mat den Investitiounspläng an de Moderniséierungspläng vum Mäerterter Hafen d'accord ass, fir d'Zukunft, déi wirtschaftlech Zukunft vum Mäerterter Hafen ofzesécheren.

Ech wëll domadder och den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet ginn.

Merci.

► **Mme la Présidente.-** Merci, Här Etgen. Deen nächsten agedroene Riedner ass den Här Ben Scheuer. Här Scheuer, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Ben Scheuer (LSAP).-** Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, als Éischt soen ech dem Rapporteur, dem honorabelen Här Marc Spautz, Merci fir dee komplette schrëftlechen a mündleche Rapport. Iwwert de Projet de loi 6045 kritt de Stat d'Méiglechkeet, fir an d'Moderniséierung an an d'Verbesserung vun den Infrastrukture vum Mäerterter Hafen ze investéieren. An zwar sinn dat 86.250.000 Milliounen Euro. Dat ass schonn en héijen Invest.

Et gëtt keng Vergrësserung vum Hafegelänn, dat ass net méiglech. Mä et geet virun allem ëm den Ausbau vum Schinnenetz a Stroossennetz am Hafegelänn. Véier nei Eisebunnsträng gi verluecht. Dovu sinn der dräi fir d'Hafegesellschaft, déi de Site géréiert, e Site vun ëmmerhi 65 ha, déi vun den Entreprisë Luxport, Tanklux a verschiddene klengere Gesellschaften exploitéiert gëtt. Een neie Strang ass fir d'Tanklux, déi an engem Joer ronn 500.000 Tonne Pétrolsprodukter importéiert an 63.000 m³ stockéiert.

Ech wëll bei dëser Geleeënheet nach eng Kéier op d'Problematik vum Ausbau vum de Capacitéiten vun der Tanklux hiweisen. Et ass gewosst, datt d'Erweiderung vun de Stockageméiglechkeeten vun de Pétrolsprodukter mat ekologesche Risiken verbonnen ass. Et entstet Gefore fir d'Ëmwelt. Et entstinn awer och Risiken fir déi Leit, déi zu Mäertert an zu Gréiwemaacher wunnen, an net zulescht fir déi direkt Noperen op der däitscher Säit vun der Musel. De Wirtschaftsminister ass amgaang, no alternative Standuerter ze sichen, well him d'Problematik bekannt ass.

Wann de Site Mäerterter Hafen trotzdeem erweidert gëtt, da mussen d'Ëmweltrisiken mat dem Afloss op d'Liewensqualitéit realistesch ageschätzt ginn, an doropshin dee beschte Konzept ëmgesat ginn, fir d'Gefore fir d'Leit an d'Natur ze vermeiden.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Schëfffahrt spillt eng wichtig wirtschaftlech Roll fir Lëtzebuerg. Den Trans-



port um Waasser ass awer och déi ekologeschst Form vun Transportmëttel. Dat soll net vergiess gi bei allen Debatten iwwer méiglech Nuisancen.

Den Hafen ass zënter enger Zäit och direkt betraff vun der Wirtschaftskris an dat an engem dramateschen Ausmooss. E Réckgang vun 42% vun den Aktivitéiten ass ze verzechnen. Iwwert den Hafe gëtt d'Lëtzebuerger Stolindustrie mat alem Eise versuergt. Richteg Schrottbierger lagere am Hafen, deen d'Kris an der Sidérurgie voll ze spiere krut. D'Personal mécht scho laang Kuerzaarbecht. Émmerhi schaffe méi wéi 350 Leit am Hafen. De Site ass also och wichteg fir den Aarbechtsmaart am Oste vum Land an an der Grenzregioun. Den Invest, deen elo geplangt ass, erhéicht d'Kompetitivitéit vun den Entreprises an ass absolut ze begreissen.

Ech bréngen heimat dann och den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi a soenlech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme la Présidente.** - Merci, Här Scheuer. Den nächsten a leschten age-droene Riedner ass den Här Léon Gloden.

► **M. Léon Gloden (CSV).** - Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleginnen a Kollegen, ech wëll och kuerz op déi Problematik vun den Tanken agoen. De Kolleg Ben Scheuer huet et kuerz ugeschnidden. Och wann dat hei net zur Debatt steet, wëll ech awer eng kéier drun erënneren, datt eng national Léisung sech och am Kader vun enger nationaler Solidaritéit muss zréckspigelen. Et kann net sinn, datt zwou Uertschaften de Fardeau vun där ganzer Charge sollen droen, well do komme soss eng ganz Rëtsch Nuisancen op d'Awunner vun de Gemenge Mäertert a Gréiwemaacher a vun de Grenzgemengen zou.

Ech hat och an dësem Bezuch eng Question parlementaire un de Minister fir d'Ekonomie gestallt. Leider war do d'Äntwert e bëssen évasiv. Ech ginn ze bedenken, datt no mengen Informatiounen eng Distanz vu 500 Meter muss berücksichtegt gi vis-à-vis vun der éischter Habitatioun, an datt dat an dësem Fall muss ganz genau gepréift ginn.

Ech soenlech Merci.

► **Mme la Présidente.** - Merci, Här Gloden. Domat huet dann d'Regierung d'Wuert.

► **M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.** - Merci. Zum Projet selwer wëll ech soen, datt ech dem Rapporteur villmools Merci soe fir déi gutt Aarbecht, déi hei geleescht ginn ass. Och hei ass e Projet, dee schnell konnt goen. Dat hei ass jo elo net e Projet, wëll ech awer eng kéier preziséieren, deen Autorisation gëtt zum Finanzement fir deen een oder anere Bau, mä et ass a sech e Projet, deen eis an dem Gesetz vum Port de Mertert d'Méiglechkeet gëtt, fir als Stat eng Rei finanziell Engagement ze maachen.

Finanziell Engagement, déi, wa se iwwer 40 Milliounen pro Projet sinn, da mussen nach eng kéier als Bauprojet an d'Chamber kommen, respektiv déi wäerte figuréieren an der Loi budgétaire, wa se ënnert deem Montant sinn. Dat wollt ech just zur Clarificatioun vum Gesetz nach eng kéier hei soen.

Fir de Rescht, déi Remarquen, déi gemaach gi sinn, sinn der elo eng Rei, déi net onbedéngt de Ministère du Développement durable direkt concernéieren, duerfir ginn ech net weider dorobber an.

Ech soenlech Merci alleguer fir d'Ënnerstëtzung vun deem Projet.

► **Mme la Présidente.** - Merci, Här Minister. Domat wiere mer um Enn vun eisen Diskussiounen ukomm a kéimen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6045.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno d'Votes par procuration.

De Vote ass ofgeschloss an de Projet de loi 6045 ass mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher (par M. Marcel Oberweis), Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Haupt, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen (par M. Raymond Weydert), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar (par M. Félix Eischen), Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter (par Mme Nancy Arendt);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Basseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen dann zum Projet de loi 6034 iwwert d'Ëmsetzung vun enger Direktiv iwwert d'Quecksëlwer. Och hei hu mer als Riedezäit de Basismodell festgeluecht. Et hu sech ageschriwwen: déi Häre Berger an Negri, an d'Wuert...

(Interruption)

...an den Här Huss. Dir waart nach net hei drop, Här Huss. D'Wuert geet dann als Éischt un de Rapporteur vum Projet de loi, dat ass den honorabelen Här Marcel Oberweis. Här Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

10. 6034 - Projet de loi concernant certaines modalités d'application et la sanction du règlement (CE) N°1102/2008 du Parlement européen et du Conseil du 22 octobre 2008 relatif à l'interdiction des exportations de mercure métallique et de certains composés et mélanges de mercure et au stockage en toute sécurité de cette substance

Rapport de la Commission du Développement durable

► **M. Marcel Oberweis (CSV), rapporteur.** - Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, et handelt sech heibäi ëm e Projet de loi, ëm d'Ëmsetzung vun dem Règlement 1102/2008, dat de Verbuet vum Export vu Quecksëlwer a senge Verbindunge wéi och de Stockage vun dëser geféierlecher Substanz an de Mëttelpunkt réckelt.

Den Europäesche Conseil vun den Ëmweltministern an d'Europaparlament hunn den 22. Oktober 2008 eng gutt Viraarbecht geleescht. De Projet de loi gesäit och d'Identifikatioun vun de kompetenten Autoritéiten fir d'Exekutioun vum Règlement vir. D'Erkenntnis ginn och d'Infraktiounen, déi sech bei der Applikatioun vun dem Projet de loi erginn, preziséiert.

De Gesetzesprojet selwer ass de 27. Abrëll d'lescht Joer vun dem deemolegen Ëmweltminister hei an der Chamber déposiert ginn. Niewent dem Exposé des motifs louch och de Commentaire vun den Artikelen derbäi. An der Réunioun vun der Kommissioun fir nohaltege Entwécklung vum 23. September sinn ech zum Rapporteur genannt ginn. Niewent dem Avis vun dem Statsrot, deen de 6. Oktober eragereecht gouf, sinn och d'Avisé vun der Chambre des Métiers a vun der Chambre de Commerce de 25. November consultéiert ginn, an de Rapport ass an der Réunioun vum 10. Dezember 2009 ugeholl ginn.

Wann een e Bléck zréckwerft, da kann ee gesinn, dass sech d'Europäesch Kommissioun schonn am Oktober 2006 mat dem Verbuet vum Export vu Quecksëlwer aus der Europäescher Unioun eraus, an dat vun 2011 un, beschäftegt huet. Am weidere Verlaf vun den Aktivitéiten soll dann och derfir gesuergt ginn, dass et zu engem weltwäite Verbuet vun dem Asaz vu Quecksëlwer kënnt. An der Kommissioun ass eis gesot ginn, dass den Asaz vu Quecksëlwer an der Europäescher Unioun an doriwwer eraus réckleefeg wier, wat jo eng gutt Saach ass. Momentan läit de Verbrauch bei ronn 2.400 Tonnen am Joer.

De Quecksëlwer a seng Verbindunge gi bei der Gewënnung vu Gold wéi och bei der Produktioun vu PVC agesat. An Europa fanne mir e virun allem bei der Produktioun vu Soda a Chlor. Ongeféier 240 Tonne Quecksëlwer pro Joer gi bei eis am Land duerch de Recycling an der Super-DrecksKëscht récupéiert an exportéiert, fir duerno entsuergt ze ginn. Notamment an den Neon-Tuben an an den Energiespuerluuchten ass Quecksëlwer enthalten.

Am internationale Kontext huet den UNO-Conseil fir Ëmwelt zu Nairobi a senger 25. Sessioun am Februar d'lescht Joer festgehalten, dass et zu engem multilateralen Accord mat Bezuch op déi weltwäit Uwendung vu Quecksëlwer komme soll a muss. Dësen Accord soll virun allem zu enger drastescher Reduktioun am Verbrauch vu Quecksëlwer féieren, den internationalen Handel aschränken, de Stockage vun den Déchete méi genee gestionnéieren an déi mat Quecksëlwer contaminéiert Plazen entsuergen. An där ginn et der vill op dëser Welt.

An hirem Communiqué de presse weist sech d'Weltgesundheitsorganisatioun OMS erfreet iwwert dëse wichtege an nohaltege Schrëtt. Ech mengen, ech soenlech näischt Neits, wann ech op d'Geféierlechkeet vu Quecksëlwer hiweisen, net nëmme fir de Mënsch, mä och fir d'Déieren- an d'Planzewelt wéi och fir d'Biodiversitéit.

Well de Quecksëlwer sech an der Chaîne alimentaire konzentréiert, stellt hie fir d'Mënschen a fir d'Déierewelt ee Laangzäitrisiko duer. A staarkem Mooss sinn d'Fësch am Séisswaasser wéi am Mier mat dëser toxescher Substanz belascht. Domat passt dësen Engagement, dee mir haut huelen, gutt an d'Europäesch Joer vun der Protektioun vun der Biodiversitéit. Mir dierfen och net vergiessen, dass de Quecksëlwer, wann en an d'Natur kënnt, sech zu dem toxesche Methylquecksëlwer transforméiert an et zu enger geféierlecher Contaminatioun mat der Liewensressource Buedem kënnt.

Wat elo de Règlement ubelaangt, wëll ech hei nëmmen déi wichtegst Elementer eraushiewen, ma et kann een all déi aner Punkten am schrëftleche Rapport noliesen. Vum 15. Mäerz 2011 u soll et zum Exportverbuet vu Quecksëlwer aus der Europäescher Unioun kommen. Vun deem Datum un dierfen och keng Quecksëlwerverbindunge fir den Zweck vu Recherche an Entwécklung am Beräich vun der Medezin exportéiert ginn. Och gëtt de Beräich vun den Déchete mat Quecksëlwer reglementéiert. De Quecksëlwer kann a speziellen, duerfir ausgewisene Salzminen oder an déiwe Fielsmatioune fir ëmmer ofgelagert ginn, oder an Uewerflächereservoirén, awer nëmmen ënner bestëmmte Sécherheetskriterien.

Déi europäesch Memberstate si gehalen, all wichteg Informatiounen iwwert de Stockage der Europäescher Kommissioun matzedeelen. Bis spéitstens den 1. Juli 2011 mussen all Importateuren, Exportateuren an Exploitanten der Europäescher Kommissioun déi néideg Informatiounen iwwert den Import an Export vum Quecksëlwer matzedeelen. Ënner anerem mussen si matzedeelen, mat wéi Mengen se kooperéieren a wéi Mengen zu wéi Präisser gehandelt gi sinn.

Dat uitgemaachtent Zil vum Règlement ass eendeiteg: D'Europäesch Unioun wëllt den Handel mat Quecksëlwer a senge Verbindunge ganz verbidden. Deen éischte Rapport heizou muss d'Europäesch Kommissioun dem Europäesche Conseil bis de leschte Januar, den 1. Januar, pardon, 2010 ënnerbreeden. A bis zum 1. Juli dëst Joer muss d'Europäesch Kommissioun dem

Europaparlament an dem Conseil e Rapport iwwert den Avancement vun dësen Engagementen virleeën, an dat, wat d'Europäesch Unioun betrëfft wéi och de weltwäiten Niveau. Opgrond vun dësem Rapport soll da bis de 15. Mäerz 2013 eng Verbesserung vun dem virleienden, dee mer haut hei stëmmen, Règlement geholl ginn.

Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, vun dësen Informatiounen geleet, huet d'Kommissioun vun der nohalteger Entwécklung de Projet de loi liicht ofgeännert. Am Artikel 1 ginn d'Kompetenzen vun den Autoritéiten festgeluecht, déi sech mat dem Exportverbuet beschäftege sollen. Dat sinn hei am Land d'Ëmweltverwaltung an d'Inspection du Travail et des Mines, ITM.

Den Artikel 2 behandelt d'Feststellung an d'Recherche vun Infraktiounen. Do sinn d'Administration des Douanes et des Accises, d'Ëmweltverwaltung an d'Inspection du Travail et des Mines implizéiert. Déi Fonctionnaires, déi mat dësen Aufgaben beoptraagt ginn, hunn „Qualification d'officiers de police judiciaire“.

Am Artikel 3 ginn d'Konditiounen festgehalten, no deenen déi am Artikel 2 genannte Fonctionnaires den Accès zur Installatioun um Terrain fir e Contrôle kréien. Et gëtt hei ënnerscheed tëscht zweeërlee Gebaier: wou Mënschen wunnen oder net. Am éischte Fall dierf eng Visite nëmmen tëscht sechs Auer moies an aacht Auer owes geschéien, am zweete Fall, do wou keng Mënschen wunnen, kënnen dës Kontrollen Dag an Nuecht duerchgeféiert ginn.

Am Artikel 4 ginn d'Modalitéiten festgeluecht, wéi d'Pièce bei der Kontroll virgeluecht musse ginn. Ënner anerem kënnen dat sinn: Dossieren, Registeren an Dokumenter fir d'Ënnersuchung wéi och Prouwen, fir eng Analys ze maachen. Fir all Exportateur, Importateur oder Propriétaire vun toxesche Chemikalië gëllt, dass si de Kontrollorganen hir Aufgab vereinfache sollen a mussen.

Am Artikel 5 gëtt am Speziellen op den „Droit d'agir en justice“ fir déi agréiert Ëmweltassociatiounen higewisen. Dës kënnen Asproch erhiewen, wa si sech duerch den Handling oder Stockage vun dëse geféierleche Substanzen bedréit fillen. An am leschten Artikel ginn dann explizit Strofe genannt, déi ee sech zouzéie kann, wann ee géint de Gesetzestext verstéisst. Dës Strofe kënnen sinn: eng Prisongsstrof vun aacht Deeg bis zu engem Mount an eng Amende vun 251 bis 50.000 Euro.

Mat dëse villen techneschen Detailer zum Gesetzesprojet bréngen ech och elo den Accord vun der CSV-Fraktioun eran a soe Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme la Présidente.** - Merci, Här Rapporteur. Als éischte Riedner ass den Här Eugène Berger agedroen.

Discussion générale

► **M. Eugène Berger (DP).** - Merci, Madame Presidentin. Ech maachen dat hei vun der Plaz. Wann et ëm e Sujet aus dem Ëmweltberäich geet, dann ass den Här Oberweis eppes esou wéi déi lieweg Wikipedias-Encyclopédie hei aus der Chamber, an ech wëll him villmools Merci soe fir déi ganz interessant Ausféierungen hei iwwer Quecksëlwer. Awer och säi Rapport, deen hie gemaach huet, dee schrëftlechen a mëndlechen zum Gesetzesprojet, ass exzellent, esou wéi mer dat bäi him gewinnt sinn.

Eng eenzeg Remarque wëll ech dozou maachen. Et ass esou, datt mer hei en europäescht Règlement ëmsetzen, dat heescht, et kommen erëm nei Aufgaben zou op d'Verwaltungen, haaptsächlech d'Ëmweltverwaltung. Duerfir d'Fro, wat dat hei herno bedeit. Wéi vill Personal brauche mer hei zousätzlech an der Verwaltung, fir esou en Dossier oder esou eng Ëmsetzung vun engem Règlement kënnen ze bewerkstellige?

Dat gesot, géif ech awer och den Accord vu menger Fraktioun heizou abréngen, ëmsou méi, well et jo hei och ëm eng geféierlech Substanz geet. Dat Règlement hei, dat bedeit e Plus fir d'Sécherheet vun de Mënschen, Fauna a Flora, an duerfir also eisen Accord zu deem Projet.